

de Glasdaach am historeschen Sëtzungssall

REPUBLIK ÖSTERREICH
Parlament

D'éisträichescht Parlament

D'Parlamentsgebai

Während senger méi wéi honnertjähreger Geschicht war d'Parlamentsgebai an der *Ringstraße* zu Wien Sëtz vu verschiddene parlamentaresche Kierperschaften.
Fir d'éischt war et Sëtz vum Reichsrot, dem Parlament vun der éisträichescher Reichshalschent vun der éisträichesch-ungarescher Monarchie. D'Gebai gouf an de Jore 1874 bis 1884 no Pläng vum Architekt Theophil Hansen fir dëst Parlament gebaut. Dem Hansen säin architektonescht Konzept sollt un d'antikt Griicheland als „Wéi vun der Demokratie" erënneren. De Baustil gëtt Historismus genannt. Am Gebai sinn zwee grouss Sëtzungssäll, déi duerch de Mëttelbau an deem di grouss Sailenhal predominéiert, mateneen verbonne sinn. Sou spigelt et den Opbau vum Reichsrot erëm deen 1861 am Februar-Patent festgeluegt gouf an deen aus zwou Chamberen, nämlech dem *„Abgeordnetenhaus"* an dem *„Herrenhaus"* bestoung. 1918 gouf am Parlamentsgebai um *Ring* den Iwwergang zu der Republik vollzunn. 1919/20 huet d'konstituéierend Nationalversammlung d'*Bundesverfassungsgesetz* ausgeschafft dat bis haut d'verfassungsrechtlecht Fundament vun der Republik Éisterräich ass.

Säit 1920 – mat Ausnam vun de Jore 1934 bis 1945 – hunn den Nationalrot an de Bundesrot, d'Organer vun der *Bundesgesetzgebung* vun der Republik Éisterräich, hire Sëtz am Parlamentsgebai. Am Zweete Weltkrich ass d'Parlamentsgebai duerch Bommenugrëffer schwéier beschiedegt ginn, an d'Halschent vun der Bausubstanz gouf zerstéiert. Den Neiopbau huet bis 1956 gedauert; de Sëtzungssall vum Nationalrot ass dobai an engem modernen, fonktionale Stil réaménagéiert ginn, während déi aner öffentlech zougänglech Raim an dat baussescht Erscheinungsbild vum Parlamentsgebai esou wäit wéi méiglech originalgetrei nees opgebaut goufen.

den Empfangssalon (Präsidialsalon)

den historesche Sëtzungssall

de Visiteurszentrum

De Nationalrot

De Nationalrot besteet aus 183 Memberen déi vum Vollek fir eng Fonktionsperiod vu vun elo un fënnef Joer gewielt ginn; wielberechtegt sinn all Éisträicher an Éisträicherinnen déi hiert 16. Liewensjoer vollennt hunn.
D'Haaptaufgab vum Nationalrot ass d'Gesetzgebung. D'Gesetzesvirschléi gi virun allem vun der Bundesregierung oder vun de Membere vum Nationalrot selwer aus. Am Nationalrot gëtt fir d'éischt an enger Kommissioun iwwert d'Gesetzesvirschléi délibéréiert, dono stëmmt de Plenum doriwwer of.

D'Kontrollfunktioun vum Nationalrot ass net manner wichteg. Den Deputéierte sti verschidden Instrumenter zur Verfügung fir déi korrekt Uwennung vun de Gesetzer (= *Vollziehung*) ze iwwerpréiwen: mëndlech a schréftlech Froen un d'Membere vun der Bundesregierung, Préifungsopträg un de Rechnungshaff oder Asaz vun Ennersichungskommissiounen. D'Kontroll ass eng vun den Haaptaufgaben vun der parlamentarescher Oppositioun.

De Nationalrot kann doriwwer eraus anhand vu Résolutiounen seng Wënsch un d'Bundesregierung weiderginn. D'Bundesregierung ass vum Nationalrot sengem Vertrauen ofhängeg: am Fall wou deen säi Mësstrauen ausspricht, muss de Bundespresident d'Bundesregierung entloossen.

Wann den Nationalrot zu engem Projet am Kader vun der EU Stellung hëllt, da sinn d'éisträichesch Vertrieder bei den Organer vun der EU grondsätzlech dorunner gebonnen.

De Bundesrot

De Bundesrot huet am Moment 62 Memberen déi vun de Landtagen vun de néng Bundeslänner fir d'Dauer vun der Gesetzgebungsperiod vum respektive Landtag gewielt ginn. Jidder Bundesland schéckt, jee no senger Gréisst, maximal zwielef a mindestens dräi Memberen an de Bundesrot.

De Bundesrot huet d'Aufgab d'Intressien vun de Länner op Bundesniveau ze vertrieden an dofir schafft hien un der Gesetzgebung vum Bund mat. D'Gesetzesbeschlëss an d'Staatsverträg déi vum Nationalrot geholl ginn, ginn direkt un de Bundesrot weidergeleet an do an enger Kommissioun délibéréiert, éier de Plenum vum Bundesrot sech ofschléissend domat ausenanersetzt.

Géint déi meescht Gesetzesbeschlëss vum Nationalrot kann de Bundesrot Asproch erhiewe wann hie Grënn dofir kann nennen; an dësem Fall muss den Nationalrot sech nach eng Kéier mam Gesetzesbeschloss befaassen, mee hien kann dobäi den Asproch vum Bundesrot duerch e sou genannten „*Beharrungsbeschluss*" iwwerwannen. E Gesetz verhënneren (= absolutt Vetorecht) kann de Bundesrot nëmmen, wann d'Kompetenze vun de Bundeslänner geännert gi sollen.

D'Membere vum Bundesrot hun och d'Recht Ufroen un d'Membere vun der Bundesregierung ze adresséieren. De Bundesrot kann och Résolutiounen unhuelen an an den Ugeleeënheeten vun der EU aktiv gin.

Impressum:
Editeur a Mediëpropriétaire:
Parlamentsdirektioun
Matarbecht: Barbara Blümel,
Thomas Holzinger, Ines Kerle,
Elisabeth Schindler-Müller,
Dieter Weisse, Bernhard Zofall
Redaktioun: Karl Megner
Grafik: Bernhard Kollmann
Drock: Friedrich VDV Linz

Wien, am Mäerz 2008

LUX